LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, vum Finanzminister a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°4147 vum 27. Mee 2026 vun den honorabelen Deputéierte Mars di Bartolomeo an Yves Cruchten.

1. **Wat huet dozou gefouert, datt dem Här Premierminister seng Analyse vum Wunnengsmaart sech bannent engem Joer esou fundamental geännert huet?**

Déi fundamental Situatioun huet sech net geännert. D'Demande fir Wunnenge bleift héich an d'Offer niddreg. Dofir huet d'Regierung eng ganz Rëtsch Mesurë geholl fir méi a méi séier kënnen ze bauen an d'Offer vu Wunnengen eropzesetzen. Dës Mesuren zilen ënner anerem dorop of, administrativ Prozeduren ze vereinfachen, d'Mobilisatioun vu Bauland ze förderen an den ëffentlechen a private Wunnengsbau ze stäerken. Et sief dobäi bemierkt, dass nieft der Kris um Wunengsmaart d'Regierung direkt am Ufank vun hirem Mandat mat enger Kris am Bau confrontéiert war.

2. **Wéi hunn sech Transaktioune vu bestoenden a neie Wunnengen entwéckelt?**

An der Tabell heidrënner befanne sech aktualiséiert Zuelen (op den 31. Mee 2026) iwwer déi sougenannten *Actes avec mutation immobilière,* déi bei der Enregistrementsverwaltung aginn, mat och Detailer iwwer d'VEFA-Akten:

	Nombre d'actes avec mutation immobilière												
	Janvier	Février	Mars	Avril	Mai	Juin	Juillet	Août	Septembre	Octobre	Novembre	Décembre	Total
2021	2.016	1.545	1.515	1.810	1.666	1.518	1.617	1.960	1.431	1.215	1.430	1.478	**19.201**
2022	1.865	1.191	1.440	1.584	1.420	1.483	1.430	1.586	1.174	1.063	1.299	1.072	**16.607**
2023	1.330	948	943	1.102	814	877	1.011	1.057	792	646	949	780	**11.249**
2024	860	807	925	962	1.025	947	1.007	1.316	897	894	1.188	1.162	**11.990**
2025	1.474	1.305	875	1.319	1.162	1.231	1.613	1.825	1.155	1.261	1.402	1.232	**15.854**
2026	1.401	989	1.096	1.268	1.151								**5.905**

	dont: Nombre d'actes concernant des VEFAs												
	Janvier	Février	Mars	Avril	Mai	Juin	Juillet	Août	Septembre	Octobre	Novembre	Décembre	Total
2021	223	277	377	306	230	298	365	129	141	281	275	430	**3.332**
2022	175	227	350	238	225	191	231	87	121	130	111	219	**2.305**
2023	82	101	95	60	60	61	112	31	42	65	35	70	**814**
2024	35	45	58	58	77	83	102	44	81	111	82	316	**1.092**
2025	83	117	131	120	115	191	168	78	190	164	80	112	**1.549**
2026	64	87	124	127	61								**463**

3. Wéi huet sech d'Zuel vun de Logementskreditter entwéckelt?

Laut Zuelen vun der CSSF hu sech d'Immobilieprêten - an enger Optik vun neie Kreditter - tëscht 2021 an 2025 wéi follegt entwéckelt:

Joer	**Gesamtbetrag an Euro***
2021	8.245.839.666
2022	6.629.959.816
2023	3.403.632.258
2024	4.603.927.549
2025	5.871.525.579

**op- an ofgeronnt*

Fir dat éischt Semester 2026 leien nach keng komplett Zuele vir.

4. Wéi huet sech d'Zuel vun de Beschäftegen an de Betriber am Bausecteur entwéckelt?

Laut de Statistike vum Statec huet sech d'Zuel vun de Beschäftegen an de Betriber am Bausecteur wéi follegt entwéckelt:

Zuel vun de Betriber am Bausecteur	
2015	3 634
2016	3 760
2017	3 930
2018	4 077
2019	4 244
2020	4 336
2021	4 972
2022	5 009
2023	4 963

(Fir d'Joren 2024 an 2025 leien dem Statec nach keng Zuele vun de Betriber am Bausecteur vir).

Zuel vun de Beschäftegten am Bausecteur	
2015	40 970
2016	42 242
2017	43 539
2018	45 189

2019	46 893
2020	48 517
2021	50 225
2022	51 440
2023	50 961
2024	48 519
2025	47 402

5. Wéi huet sech d'Zuel vun de Baugeneemegungen an deene lëschten dräi Joer entwéckelt?

Laut de Statistike vum Statec huet sech d'Zuel vun de Baugeneemegungen fir Gebaier respektiv Wunnengen an deene lëschten dräi Joer wéi follegt entwéckelt:

Autorisation de bâtir : Nombre de bâtiments autorisés selon le type de bâtiment

Période	2023	2024	2025
Type de bâtiment			
Bâtiments résidentiels et non résidentiels	1 735	1 481	1 557
· Bâtiments résidentiels	1 499	1 272	1 336
· · Bâtiments résidentiels hors résidences pour collectivités	1 493	1 264	1 333
· · · Maisons individuelles	1 027	873	983
· · · Immeubles à deux logements ou plus	466	391	350
· · Habitat communautaires	6	8	3
· Bâtiments non résidentiels	236	209	221

Autorisation de bâtir : Nombre de logements autorisés selon le type de bâtiment

Période	2023	2024	2025
Type de bâtiment			
Bâtiments résidentiels et non résidentiels	4 431	4 025	3 541
· Bâtiments résidentiels	4 353	4 002	3 538
· · Bâtiments résidentiels hors résidences pour collectivités	4 219	3 876	3 404
· · · Maisons individuelles	1 027	873	983
· · · Immeubles à deux logements ou plus	3 192	3 003	2 421
· · Habitat communautaires	134	126	134
· Bâtiments non résidentiels	78	23	3

6. Wéi vill Wunnenge, déi ënnert d'Krittären vum abordabele Wunnengsbau falen, goufen an där selwechter Zäit gebaut a vu wiem?

De Logementsministère huet keng Statistiken iwwert de gesamte Bau vun abordabele Wunnengen.

Laut de Joresberichter vum Fonds du Logement a vun der SNHBM, Acteuren déi déi meeschten abordabel Wunnengen am Land bauen, huet sech d'Zuel vun de fäerdeggestallten Wunnengen wéi follegt entwéckelt :

Unités de logement achevés par le Fonds du Logement et la SNHBM

	2023	**2024**	**2025**
Fonds du Logement	85	106	116
SNHBM	160	250	288

Parallel zu de Fäerdegstellungen ass d'Unzuel vun den Wunnengen an der Realisatioun fir déi concernéiert Joren wéi follegt :

	2023	**2024**	**2025**
Fonds du Logement	461	668	1.227
SNHBM	951	1.092	1.335

7. Wéi huet sech d'Unzuel vun de Leit, déi op der Sich no enger abordabeler Wunneng sinn, an deene lëschten dräi Joer entwéckelt?

Laut dem Nationalregister (RENLA), läit d'Unzuel vun de Stéit déi sech op der nationaler Waardelëscht fir eng abordabel lokativ Wunneng ugemellt hunn op 9.486, Stand 1. Abrëll 2026. Vu datt dësen Nationalregister (RENLA) réischt 2026 agefouert ginn ass, huet de Logementsministère deemno keng Zuele fir 2024 an 2025.

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2026

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN